



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot: Fred Keup

Lëtzebuerg, den 10. Februar 2022

P2 7473

2

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- d'Erhale vun existéierender Bausubstanz eng wichteg Roll spillt, an dat souwuel am Kontext vum Denkmalschutz wéi och um Wunnengsmaart an am Interessi vun enger nohalteger Entwécklung vun eisem Land;
- et aus dese Grënn wichteg wier, iwwer Statistiken iwwert d'Demolitioun vu Bausubstanz ze verfügen an esou den Afloss dovun op déi verschidde Beräicher kënnen anzeschätzen;
- d'Regierung, respektiv d'Administratioun bis elo keng statistesch Donnéeën erhieft zu der Unzuel un ofgerappte Gebaier am Land (cf. parl. Fro N°2977 vum 12. Oktober 2020);
- och keng Donnéeën iwwert den Alter vun den ofgerappte Gebaier virleien;

fuerdert d'Regierung op,

- statistesch Donnéeën ze erhiewen iwwert d'Unzuel vun ofgerappte Gebaier, wa méiglech pro Gemeng;
- souwäit wéi méiglech den Alter vun dese Gebaier an enger Klassifizierung duerzeleeën;
- des statistesch Donnéeë reegelméisseg ze verëffentlechen.

Fred Keup